# Spezialisatiounsformatioun – e Wee deen sech lount !

**De Wee duerch verschidde Niveauen vu Soins Palliatifs Formatiounen bis zum Ofschloss vun der Spezialiséierung, mat sénge sechs Modulen op 250 Stonnen ass net einfach a verleeft net ëmmer ewéi geplangt. Et lount sech awer, senge perséinlechen Ziler tréi ze bleiwen, och wa vill gefuerdert ass.**

**D'Jenny Weyland ass déi éischt Infirmière, déi d'Spezialisatiounsformation soins palliatifs ofgeschloss huet. Si léisst eis hei un hirem Wee deelhuelen, verzielt eis vun hirer Motivatioun a wéi si hiert néit Wëssen aktiv an hiren Aarbechtsalldag integréiert.**

---

„Nom Ofschloss vun menger Infirmièresausbildung hunn ech 2001-2002 bäi der „Stiftung Kindertraum" zu Wien geschafft, des Stëftung hat zum Optrag fir schwéierbehennerten an stierweskranke Kanner hire leschten Wonsch ze erfëllen. Dat Joer huet mech immens gepräägt, ech hunn meng Plaz an der Klinik ofgesot an mech am Tricentenaire gemellt. Et war fir mech ganz kloer gin a wéi engem Beräich ech schaffen wéilt.

Zeréck zu Lëtzebuerg hunn ech am Tricentenaire ugefaangen als Infirmière ze schaffen an sinn 18 Joer duerno nach ëmmer gären do. Zimmlech am Ufank gouf ech gefrot fir un enger palliativer Formatioun deelzehuelen. Zesummen mat enger Educatrice sinn mir an des intensiv 160 Stonnen Formatioun gaangen; deemools gouf et di 40-Stonne Formatioun nach net. Mir hunn séier gemierkt wéi ‚anescht' et bäi eis ass an mir wären am Ufank bëssen verluer. Wärend der Formatioun huet sech eise Bléckwénkel verännert an mir hunn den grousse Besoin vun der palliativer Begleedung bäi eis am Haus erkannt.

***© Viviane Seywert***
***Schematesch Duerstellung vun***



***de sechs Moduler vun der Spezialisatiounsformation***

Ech hunn 11 Joer an der Résidence Nico Kremer als Chef d'Equipe soignante geschafft, wou mir all zesummen Bewunner begleet hunn an eis eegen Ritualer zesummen mat den Bewunner entwéckelt hunn.

Zwé Kanner méi spéit, wollt ech mäin Wëssen erweideren an hunn d'Haus gewiesselt fir manner Stonnen ze schaffen an sou Zäit ze hunn fir Spezialisatioun Palliative Care bäi Omega ze starten. Ech hunn zimmlech vill Moduler no beieneen gemaach, mee ech hat duerno Schwieregkeeten eng Stageplaz am Ausland ze fannen.

---

***„Den Austausch an den Formatiounen vun Omega 90 huet mir ëmmer vill bruecht."***

---

Iwwert d'Palliativ Formatiounen sinn ech och ëmmer méi opmierksam op déi ganz Méiglechkeeten vun den Komplementarmethoden gin, ech konnt allerdéngs net verstoen firwat en nëmmen am palliativen Beräich dovun profitéieren soll, wou et dach

souvill Méiglechkeeten gëtt fir all eis Bewunner. Ech hunn mech an dem Beräich och weidergebilt an hunn 2016 ënnert anerem eng Ausbildung als Aromaexpert ofgeschloss. Den Austausch an den Formatiounen vun Omega 90 huet mir ëmmer vill bruecht, den Input vun den Spezialisten, déi eegen Reflexiounen an Iddien wärend der Formatioun an och wärend dem Schreiwen vun déne jeeweilegen Aarbechten.

Immens Freed hat ech dobäi fir dem Marie-France Liefgen an dem Marcelle Diederich hier Virgaben op Kopp ze dréinen. Ech hunn si mat an eis Welt vun der Begleedung vun Mënschen mat enger Behënnerung geholl. Ech hunn probéiert hinnen eisen Bléckwénkel, eis ënner-schiddlech Approchen an eis kreativ Maneier fir ze schaffen méi no ze bréngen.

***„Ech hat ëmmer den Fräiraum fir Aufgaben e bëssen anescht unzegoen an krut Réckmeldung zu mengen Aarbechten.“***

E ganz wichtegen Deel bäi der palliativer Begleedung ass fir mech eng ugepasste Kommunikatioun an Transparenz.

Jiddereen huet Recht op Informatiounen an fir mech heescht dat: Recht op verständlech Informatiounen - fir esou d'Méiglechkeet ze hunn op eng gutt informéiert Selbstbestëmmung. Onge-wëssheet bréngt Onsécher-heet, an dat erschwéiert Begleedung an schued dem Vertrauen.

Den zweeten wicht-egen Punkt ass fir mech Be-gleedung an der Trauer. Am Géigesaz zu Kliniken hu mir am Hébergement famillen-änlech Strukturen. Et ass wichteg Matbewunner no Wonsch ze integréieren. Zesummen als pluridisziplinär Equipe ënnerstëtzen mir Bewunner bäi all hiren Suergen an Ängschten.

Enn 2019 hunn ech ugefaangen fir Omega 90 Formatiounen: Kommunika-tioun an Trauer am Sensi-bilisatiounscours. Ech hunn och do erëm d'Méiglechkeet anescht drun erun ze goen an krut ganz léif Ënnerstëtzung vum Clara Dos Santos fir den Ufank.

Fir mech perséinlech heescht dat, ech ginn eisen Bewunner eng Stemm an ver-trieden si mat hiren Ufuerderungen.

Ech well awer och onbedéngt eis Direktioun an meng Kolleegen vum Tri-centenaire ernimmen. An all déne Joeren gouf ech emmer mat dem néidegen Fräiraum ënnerstëtzt: fir all meng For-matiounen an a menger all-deeglecher Aarbecht.

Säit Ufank 2019 sinn ech als Uspriechpartner fir komplementar Methoden a palliativ Begleedung am Tricentenaire aktiv.

Villmools Merci fir des grouss Ënnerstëtzung.“



**Jenny Weyland**

*Infirmière*
*Référente en soins palliatifs et méthodes complémentaires am Tricentenaire*

**Palliative Care Formatiounen bei Omega 90**

2003 – Vertiefungsformatioun

2013 – 2019
Spezialisierungsformatioun

- 2013: Komplementäre Methoden in Palliative Care
- 2013: Ethik am Lebensende
- 2014: Schmerzen, unangenehme Symptome und Notfälle in Palliative Care
- 2014: Trauer
- 2015: Palliative Care bei alten Menschen
- 2019: Praktikum Haus Omega